



Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 5. Abrëll 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Héichschoul- a Schoulminister an un d'Madame Minister fir Integratioun weiderzeleeden.

Eist Land kritt besonnesch nees zënter de 1990er Joeren nei immigréiert Bevëlkerungsgruppen, déi, wann si an d'Land kommen, weder eis Nationalsprooch nach eng vun eisen anere Verwaltungssproocher schwätzen oder schreiwen an och mat eisen Institutiounen a mat eiser Kultur net vertraut sinn. D'Integratioun vun de Kanner an eise Schoulen a vun deene Leit an eiser Gesellschaft ass dofir dacks ëmständlech. An deem Kontext wéilt ech dem Här Héichschoul- a Schoulminister an der Madame Integratiounsminister dës Froe stellen:

1. Ass dru geduecht, d'Integratioun vun deene Leit mat der Publikatioun vu spezifeschem, sproochdidakteschem Material (z.B., mee net nëmmen, e lëtzebuergesch-serbokroateschen an e lëtzebuergesch-arabeschen Dictionnaire, Lëtzebuurger Grammaire an Exercicen op Serbokroatesch an Arabesch iwwersat an erkläert, Lëtzebuurger Geschicht an Zivilisatioun op Serbokroatesch an Arabesch) ze erliicheren?
2. Wéi eng Ressourcen hunn den Héichschoul- a Schoulministär fir esou Projeten ze konzipéieren an ze realiséieren?
3. Am Fall vun enger negativer Äntwert op déi virescht Fro, wär et net ubruecht Mëttele fir esou Projeten anzeplangen?
4. Ass dru geduecht, déi verschidde Servicer ze koordinéieren, esou datt de Sprooch- an den Institutiouns- a Wäerteunterrecht eventuell simultan kënne gemaach ginn an dat d'Schoulmaterial och dorop ausgeriicht ass?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser  
Deputéierten

**Réponse commune du Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, du Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et du Ministère de la Famille, de l'Intégration et de la Grande Région à la question parlementaire 1988 du Député Fernand Kartheiser.**

Ech reagéieren op dem honorabelen Deputéierten seng Froe mat dëse Präzisiounen :

Am Moment si meng Servicer dobäi, un engem Dictionnaire ze schaffen, zesumme mat der ASTI. Et gëtt awer och un engem Lëtzebuergesch-Programm geschafft, deen no engem handlungsorientéierte Konzept de Kanner mat Migratiounshannergrond soll hëllefen, sech an hirem Alldag op Lëtzebuergesch ze verstännegen. Dat gëtt am Moment schonns bei den DPI-Kanner genotzt, ass awer och an anere Klassen asetzbar fir Lëtzebuergeschkompetenzen ze erweideren.

Ausserdeem ass e Programm 100 Wieder Lëtzebuergesch entwéckelt ginn, dee Jugendlechen an Erwuessenen den Zougang zu onser Sprooch vermëttele soll.

De Ministère huet awer net nëmmen u "pencil and paper" geduecht, mee bitt de Schüler an den Enseignanten och d'Méiglechkeet, dësen Zougang mat neien Technologien ze förderen, wéi et am Programm digital(4)education virgesinn ass. Grad hei hu mer e grouse Pool un zousätzleche Ressourcë geschafft, déi en differenzéierten a kompetenzbaséierte Sproochenunterricht erlaben, dee sech net nëmmen op dat Schrëftlecht an d'Vermëttele vu Vokabulär beschränkt, mee och d'Mëndlechkeet férdert a fuerdert.

De Budget gesäit niewent deenen am Punkt 1 beschriwwene Ressourcen och eng ganz Rei Moyenen um Niveau vum Personal vir. Dat geet vun der Konzeption duerch déi eenzel Aarbechtsgruppen an meng Servicer bis zu den Apprentissagen an de Klassen, déi duerch eng ganz Rei vun Acteuren ënnerstëtzt ginn, sief et Léierpersonal, Multiplicateurs vun den Cours d'Accueil oder interkulturell Mediateuren, déi och spezifesch Formatiounen ugebuede kréien, fir d'Leit mat Migratiounshannergrond ze encadréieren.

Am Ministère gëtt et e Koordinatiounsgrupp, deen dofir suert, e kohärent Sproochekonzept auszeschaffen, dat un eise multilinguale Kontext ugepasst ass. De Cours "Vie et Société" kritt och eng méisproocheg Ausrichtung, an hei ass grad d'Liewen a Sech Orientéieren an enger méisproocheger a multikultureller Gesellschaft eng vun de viséierte Kärkompetenzen. Et schéngt mer kloer, dass d'Entwécklung vu Sprooch a Sproochen als sozio-kulturellem Phänomen och an dee jeeweilige Kontext mat all senge Wäerter an institutionelle Begebenheeten agebett muss ginn.

Am Kader vum Contrat d'Accueil et d'Intégration (CAI) ass all didaktescht Material an eng ganz Rei Sproochen iwwersat ginn, dorënner och BCSM (bosnesch, serbesch, kroatesch, montenegrinesch) an arabesch. D'Ënnerlage vum Instruction civique Cours bestinn och an enger ganzer Rei vu Versiounen. D'Participantë kréien zwee-sproocheg Ënnerlagen: lëtzebuergesch kombinéiert mat franséisch, däitsch, englesch, portugisesch, spuenesch oder BCSM, jee nodeem a wéi engem Cours se ageschriwwen sinn. Enn Mee wäert deen

éischten Instruction civique Cours mat arabescher Iwwersetzung am Kader vum CAI organiséiert ginn.

Den Instruction civique Cours am Kader vum CAI gëtt zesumme mam Service vun der Erwuessenebildung vum Erzéiungsministère organiséiert.